Depot : Fernand Kartheiser

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2020

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest :

- datt d'Covid-Situatioun fir vill Familljen, Kanner a Jugendlecher och eng grouss finanziell Erausfuerderung ass;
- datt d'automatesch Indexéierung vun de Familljeprestatiounen 2006 ofgeschaaft ginn ass an datt déi Reformen zënterhier net genuch positiv Suitte fir d'Kafkraaft vun de Familljen bruecht hunn;
- datt dowéinst eng dréngend Noutwennegkeet vun enger Revaloriséierung vun de Familljeprestatiounen besteet an datt déi esou séier wéi méiglech sollen enger automatescher Upassung un den Index ënnerworf ginn;

<u>fuerdert d'Regierung op</u> :

- d'Kannergeld schonn vum Budgetsjoer 2021 un ze indexéieren an de Wäertverloscht, deen déi Prestatioun zënter 2006 erfuer huet, dobäi voll auszegläichen.